**Naturschoul Lasauvage – Newsletter 4.Abrëll 2020**

| Dëst Dokument ass fir d'/den EnseignantE- **net fir d'Kanner!** |
| --- |

Léif KolleegInnen,

an dëser Newsletter présentéiere mer äech eis nei Initiativ vun der Naturschoul. Mär giffe gär fir all Sektioun vun eiser Gemeng opmannst ee lokale Rallye ausschaffen.

Mär huelen dës Rallyen an eise Programm op, sou dass där se mat eis als "Guide" eng éischte Kéier maache kënnt, fir de Wee kennen ze léieren. Mär maachen eis Dokumenter zougänglech, sou dass der dono eventuell alles upasse kënnt an dës Aktivitéit op eege Fauscht mat äre Klassen ënnerhuelt.

Hei en annexe eist éischt provisorescht Beispill fir Uewerkuer (Korspronk- Kiemerchen). D'KolleegInnen, di zu Uewerkuer wunnen, an do Loft schnape ginn, kënne vläit schon Deeler vum Rallye testen an eis ee Feedback ginn. *(D'Trapen erop laanscht de Korspronk sinn enk: do besser net trëppelen. Op anere Plaze kommt der gutt laanschteneen. De ganze Wee dauert eng déck Stonn op schnellen Erwuessene-Been.* ***Am Moment natierlech am beschten eleng gon!****)*

Fir d'KolleegInnen, di an anere Sektiounen zu a rondrëm Déifferdeng wunnen an do och a Corona-Zäite **kuerz** an d'Natur erausginn: Vläit huelt der de Fotoapparat mat a sammelt scho Fotoen an Iddie fir en eegene lokale Rallye. Schéckt eis dat dann an d'Naturschoul eran. Mär selwer däerfen jo nach net dohinn, mee dann hu mer eng Basis, fir schon drun ze schaffen.

Eis Iddie bis lo: Uewerkuer (Rattem); Zentrum (Äppelbësch-Thillebierg), Zentrum (Metzkimmert-Park Grouwen); Nidderkuer (Hondsbësch), Nidderkuer (Dhuel-Prënzebierg); Woiwer a Fousbann (Scheierhaff-Galgebierg).

***(Denkt awer drun, dass der duerch d'Reegele vum Confinement momentan net d'Erlaabnis hutt, méi wi ee klengen Tour mat der Famill un der frëscher Loft ze man an och net mam Auto op eng aner Plaz fueren däerft, fir do spadséieren oder Vëlo fueren ze gon.)***

An hei lo eise Pilot-Projet:

# Vum Korspronk iwwert de Kiemerchen bei de Kazebësch

# Vum Korspronk iwwert de Kiemerchen bei de Kazebësch

*Mär starten op der Kräizung rue de l'eau - rue des Champs.*

*Gitt de Wee rop bei d'Schwoarz Bréck.*




Wou sinn di 2 nootste Goaren?

- ○ Uewerkuer a Bieles/Zolwer
- ○ Uewerkuer an Déifferdeng
- ○ Uewerkuer a Belval

*Gitt weider no riets a Richtung Korspronk.*



Wéi heeschen déi Hecken hei, déi aus Offallholz gemaach ginn?

- ○ Bennies-Heck
- ○ Benjes-Heck
- ○ Benitos-Heck



Wéi ee Floss leeft hei ënnert de Gleiser duerch?

- ○ d'Crosnière
- ○ d'Kor
- ○ d'Uelzecht

*Lo must der e puer Minutten träppelen.*

*Gitt d'Trapen erop, bis riets eng grouss Plaz ass.*



Sicht di Quell op der Foto. Dat ass de "Korspronk".

Kuckt d'Schëlder: Bei wéi enger franséischer Stad leeft d'Chiers an d'Meuse?

- ○ Metz
- ○ Sedan
- ○ Longwy

*Gitt dann zeréck an d'Trape weider rop. Da gitt der riets weider. Op der 2. Kräizung sicht der de Rouer vun der Foto.*



Duerch dee Rouer ass fréier Waasser vum Korspronk bis uewen op d'Kopp bei eng Wiertschaft gepompelt ginn.

*Gitt no lénks weider bis der op di sougenannte "Camions-Pist" ukommt.*

Hei si fréier déck Camione gefuer. Wat hu se transportéiert?

- o am Ufank Minette-Steng a spéider Holz
- o am Ufank Minett-Steng a spéider Liewensmëttel
- o am Ufank Minette-Steng a spéider gëftegen Industrie-Müll

*Gitt no lénks bis op eng grouss Kräizung (mat Bänk).*



Hei si mer um Ronnebierg. Ënnert deenen Hiwwele läit Industrie-Müll. Firwat sinn hei Kamäiner am Buedem?

- o Well hei eng Fabréck am Hiwwel ass
- o Well hei Zwergen am Hiwwel wunnen
- o Fir gëftegen Damp aus dem Hiwwel ze loossen

*Bei der Bänk gitt der riets eran an dann och op der nächster Kräizung riets.*




Wat leeft hei ënnert dem Buedem?

- o eng Gasleitung
- o eng Stroumleitung
- o eng Waasserleitung

Lo gitt der geschwënn duerch eng Aart Canyon, wéi de Grand Canyon an den USA op der Foto.



Wéi ass eis Landschaft hei zu Uewerkuer sou geformt ginn?
○ duerch d'Erosion, Waasser a Wand
○ duerch de Mënsch, deen hei no Buedemschätz gesicht huet
○ duerch Erdbeben

*10 Meter virum Poteau BR13 gitt der riets e Wee eran bis bei e "Beobachtungsposten".*
Wat soll hei gekuckt ginn?

- ○ feindlech Zaldoten
- ○ wëll Déieren
- ○ Schmuggler

*Gitt weider bei de Poteau BR12. Stellt äech mam Réck zum Text um Poteau.*




Virun äech gesitt der d'"Kalbréck". Sou heescht de Bierg an do uewen drop stung bis 1959 eng Wiertschaft, de Café Bertemes. Dunn huet se de Baggere misste Plaz man.

*Där kommt bei ee Schëld.*



Kuckt um Schëld no. Wéi eng Zort Schof féiert de Schéifer duerch dës Natur?
○ Soay-Schof
○ Merino-Schof
○ Moorschnucken

*Kuckt op d'Schëld a gitt weider lénks de Bierg erof.*



*3 Weeër si virun äech. Gitt iwwert eng Knupp op de klenge Wee ganz riets (Foto).*
*Sicht de Weier!*

Wéi heeschen di Beem mat wäisser Schuel?
- ○ Bierken
- ○ Bichen
- ○ Bisam



Zu wéi enger Déiere-Klass gehéiert de Kammmolch, deen hei am Weier lieft?



- ○ zu de Fësch
- ○ zu den Amphibien
- ○ zu de Reptilien



*Kommt neesde Wee rop a gitt dann duerch di déck Steng, di der virun äech gesitt.*

*Dohannert gitt der riets de Wee erop bis der op eng Kräizung kommt, wou an der Mëtt ee Poteau steet a riets de Poteau BR7. Gitt tëscht deenen 2 Poteauë weider.*

*Um Wee trëppelt der laanscht de Poteau BR5.*
Wi vill Spannung huet de Stroum an där Leitung?
- ○ 225 000 Volt Hochspannung
- ○ 230 Volt Niederspannung
- ○ 60 000 Volt Mittelspannung



*Där kommt laanscht de Poteau BR4, weider op eng Kräizung, halt äech riets, dann de Wee erop.*
Dëse Wee woar bis an d'19. Jorhonnert d'Haaptstrooss fir vun Déifferdeng a Frankräich op Héiseng ze goen/fueren/reiden.

De Wee rof gung et bei ee Restaurant, d’Maison Schneider.






*Gitt weider bis bei di zwee Poteauën op der Foto (dee lénks woar mol giel), déi en ëmgedréinte “V“ bilden. Gesitt der d’Maueren hannendrun?*

Hei woare fréier Haiser, wou Minnen-Oarbechter gewunnt hunn. (Foto Maison Schneider uewe riets).



*An da weider de Bierg erop.*
*Solle mer hei eng Paus man?*

*Gitt no riets weider.*

Riets vum Wee gesitt der op 1 km Distanz eng franséisch Uertschaft.

- Héiseng/Hussigny
- Zounen/Saulnes
- Longkéch/Longwy

Lénks gesitt der geschwënn an der Landschaft 2 déck Knuppen mat enger wäisser Këscht dertëscht um Horizont. Wat ass dat?



- dat gréisste Schëff vum Land, am Hafen vu Mertert op der Musel
- di gréissten Hal vum Land, um Findel, vun der Cargo-Lux, wou Fligere gefléckt ginn
- di gréisste Kierch vum Land, d’Kathedral an der Stad

Wann der weider gitt, gesitt der lénks eng aner Kopp mat enger héijer Antenn drop. Wéi heescht déi Kopp?

- Mount Everest
- Mont Blanc
- Rattem



*Op der nächster Kräizung geet et lénks de Bierg erof.*
*Gitt iwwert d'Bréck a kuckt lénks di Gebaier , wou "STD" steet.*

Wéi ee Sport ass hei gedriwwe ginn?

- Schwammen
- Schéissen
- Fussball

*Gitt d'Strooss weider erof an duerch d'Ënnerféierung ënnert den Zuchgleiser duerch.*

*Rietserhand kommt der laanscht ee Bauerenhaff.*

Wéi heescht d'Famill vum leschte Bauer vun Uewerkuer?

- Kirchen
- Tempels
- Moscheen

An domat sidd der scho bal nees ukomm. Merci fir d'Matmaachen!